Argumenter wat d'LAR eenzegaarteg mécht a vun "aneren" ënnerscheet:

- Eng LAR-Memberschaft ass absolut net mat enger gewéinlecher Assurance vergläichbar. Medezinesch Rapatriementer gehéieren zu eisem Kompetenzberäich. Et gëtt bei der LAR keen Intermediaire, wéi dat bei Assurancen a Mutuellen üblech ass (call center).

- D'Air Rescue ass een oppene Lëtzebuerger Betrieb / eng A.s.b.l. (keng Staatlech gedroen Organisatioun) / mat Label Made in Luxembourg / mat Sëtz zu Lëtzebuerg / ISO Certifizéiert

- D'LAR ass säit 35 Joer eng Referenz am Beräich vun der Loftrettung. Säit der Grënnung sinn iwwer 50.000 Missiounen geflu ginn.

- D'LAR ass duerch hir Alarm Zentral 24/24 a 7/7 disponibel. Et ass ëmmer ee Medezinesche Fachmann disponibel fir medezinesch froen ze beäntweren.

- Bei engem medezineschen Noutfall am Ausland, huet een als LAR-Member ab dem éischten Uruff direkte Kontakt mat LAR-Experten, déi Iech ronderëm d'Auer zur Säit stinn a perséinlech betreien.

- D'LAR bedreift seng eege Rettungshelikopter an Ambulanz-Fligeren, a verfüügt iwwert seng eege Piloten, Dokteren an Infirmieren déi dagdeeglech fir den Asaz bereet stinn.

- D'Rettungshelikopter vun der Air Rescue kënnen all Punkt am Land bannent maximal 10 Minutten areechen an esou dem Patient eng schnellstméiglech Betreiung vum Noutdokter erméiglechen.

- Ouni déi wäertvoll Ënnerstëtzung vun hire Memberen, géing et d'LAR-Rettungshelikopter net zu Lëtzebuerg ginn.

- Als LAR-Member ënnerstëtzt een an éischter Linn d'Loftrettung hei zu Lëtzebuerg. Deemno dréit all Member dozou bei, dass d'Air Rescue alldeeglech liewe rette kann.

- Och Leit déi an der Grouss Regioun, also ausserhalb vu Lëtzebuerg hire Wunnsëtz hunn, kënnen duerchaus och LAR-Member ginn (Frankräich, Belsch an Däitschland).

- D'Air Rescue investéiert regelméisseg an d'Flott, an d'medezinesch Ekipementer wéi och an d'Formatioun vun eise Fachleit/Mataarbechter.